



lechkeet huet, iwwer eng international Juridiction du seng spezifesch Interête verteidegt ze kréien.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Aarbechtsminister a Vertriebung vum Här Ausseminister.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7192 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir géifen dann zum Vott iwwert de Projet de loi 7192 iwwergoen. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Eischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procurationounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60-mol Jo, also Unanimitéit fir dëse Projet. Do mat ass de Projet de loi 7192 ugehooll.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

A wéi beim leschte Projet d'Fro: Ass och hei d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

#### **(Assentiment)**

Merci gesot.

Da géife mer zum leschte Punkt vun eisem haitegen Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6409 iwwer Annerunge bei der Reglementatioun vun der Assistance parentale. D'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

## **12. 6409 - Projet de loi portant réglementation de l'activité d'assistance parentale**

### **Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Kolleeinnen a Kolleeen, d'Aktivitéit vun der Assistance parentale krut 2007 hiren éischte legale Kader. Zënterhier huet dee Secteur sech awer ganz staark entwéckelt. 2010 gouf et scho 500 Assistants parentaux hei zu Lëtzebuerg an am Moment sinn et der ronn 700.

Et brauch ee sech nëmmen dës Zuelen unzekucken, fir feststellen, dass d'Assistants parentaux oder, wéi se hei zu Lëtzebuerg genannt ginn, d'Dageselteren, d'Dagesmammen an d'Dagespappen, fir vill Leit hei am Land eng reell Alternativ zu der Bomi, zu der Crèche oder zu enger anerer Betreuungsstruktur sinn.

Béid Forme vun der Kannerbetreuung, also souwuel d'Dageseltere wéi och d'Crèche an d'Maison relais, hunn hir Berechtigung an alle béid hu fir d'Elteren déi eng Virdeeler a vläicht deen een oder aneren Nodeel. Et ass awer eenzeg an eleng un den Elteren ze entscheeden, wat fir eng Betreuung fir hiert Kand am beschten zoutréift a wou hiert Kand soll versuergt a gefërdert ginn, falls d'Elteren dat wënschen.

Schonn 2012 sollt de Secteur vun den Dageseltere méi strikt reglementéiert ginn, fir eventuellen Abuse vum System entgéintzewierken, mä awer och, fir kloer Qualitéitskritäre festzeleeën.

#### **(Mme Simone Beissel prend la présidence.)**

D'Zil ass et, fir sécherstellen, dass all Kanner vun enger qualitativ héijer Betreuung bei den Dageseltere profitéiere kënnen, an dat zum Wuel vun alle Kanner.

Mat dësem Projet de loi leeë mer also haapt-sächlech nei Qualitéitskritäre fest, déi d'Presta-

tairë mussen erfëllen, fir den Agreement vum Ministère ze kréien. Déi eng Kritäre betreffen d'Formatioun an d'Qualifikatioun vun den Dageselteren. Déi aner leeë kloer Kritäre fir d'Infrastrukture fest, an deenen d'Kanner versuergt ginn.

Wat ännert sech elo konkret? Eng éischt Saach, déi sech ännert, dat ass d'Limitt vun 12 Kanner pro Assistant parental, déi festgesat gëtt. Et kann een also als Assistant parental net méi wéi zwielef Contrats d'éducation et d'accueil mat den Elteren ënnerschreiw. Et bleift allerdéngs dobäi, dass net méi wéi maximal fënnf Kanner gläichzäiteg kënnen betreit ginn. Déi eege Kanner sinn dovunner ausgeschloss. A Kanner, déi manner wéi zwee Joer hunn, där därer ee just maximal zwee am Stot betreien.

Ech mengen, dat si rasonabel Limitten, déi engersäits verhënneren, dass ze vill Kanner op eng Dagesmamm oder en Dagespapp zoukommen. Si verhënneren och, dass een 30 Kontrakter kann ausfëlle fir 30 Plagen, déi an der Woch méiglech wäeren.

Wéi gesot, d'Wuel vum Kand steet hei am Vierdergrond.

Ausserdeem falen nei Aktivitéiten ënnert d'Kompetenz vun den Dageselteren. Déi garantéieren natierlech, dass et de Kanner generell gutt geet an dass si kierperlech a geeschteg gefërdert ginn a sech gutt entwéckelen. Ënner anerem regelméisseg Ausflich an d'Natur, kulturell a sozial Aktivitéiten, eng ausgeglachen Ernährung an Hëllef bei den Hausaufgabe sollen dee Volet ofdecken.

All dëst soll am totalen Aklang mat der individueller Entwécklung vum Kand sinn, ouni d'Kand ze iwwerforderen an natierlech och net ze ënnerforderen.

Här President, mat dësem Projet de loi ginn, ewéi gesot, d'Konditiounen definéiert, fir de sougenannten „agrément“ vum Ministère ze kréien. Ouni dëse leeft näischt. Ouni den Agreement kann een net Dagesmamm oder Dagespapp ginn.

Wat muss een dann alles erfëllen, fir deen Agreement ze kréien? Un alleréischter Plaz muss een natierlech groussjäreg sinn a kierperlech a geeschteg an der Lag sinn, fir Kanner ze betreien. Dozou kennt dee sougenannte Projet d'établissement, deen d'Offer an d'Konzept vun der ganzer Prise en charge erkläre soll. Ausserdeem muss ee gewësse Formatiounen a Preformatiounen gemaach hunn, déi spezifesch op d'Besoin vum de Kanner ausgeriicht sinn an déi d'Kandidate mam Beruff a mat der Organisation vun enger Dagesmamm familiariséieren - ech kommen e bësse méi spéit nach eng kéier op déi Formatiounen zréck -, a während dem Joer muss een och regelméisseg op d'mannst 20 Stonne Formation continue maachen.

Des Weidere muss een am Kader vum Agreement och eng vun deenen dräi Landesprooche verstoen a schwätze kënnen.

E weideren, ganz wichtege Punkt, dat sinn d'Infrastrukturen. D'Raimlechkeete ginn elo per Gesetz méi sécher gemaach. Dat heescht, et ginn nei Normen agefouert, déi virschreiw sollen, wéi d'Raimlechkeete mussen ausgesinn. D'Sécherheet steet hei un éischter Plaz. Nief deene virgeschriwwene Feierlāscher, Branddecken, Feiemelder, Éischt-Hëllef-Këschte muss een och d'Trapen an d'Fënstere sécheren, fir Accidenter präventiv entgéintzewierken.

D'Kanner kréien och méi Plaz zougesprach. Sou muss all Dagesmamm oder Dagespapp derfir suergen, dass all Kand op d'mannst véier Quadratmeter zegutt huet. Virdu waren et zwee Quadratmeter. Déi Zuel ass also verduebelt ginn.

Et soll och nach dorop opgepasst ginn, dass déi ganz Infrastrukturen an engem rouege Kader sinn, fir dass d'Kanner déi beschtméiglech Chancen hunn, fir sech a Rou kënnen ze entwéckelen a fir a Rou kënnen ze léieren.

Et ass och méiglech fir eng Dagesmamm, sech vun enger drëtter Persoun ersetzen ze loossen am Fall vun enger Krankheet oder vun enger anerer Contrainte, dat awer maximal 200 Stonnen d'Joer respektiv acht Stonnen an der Woch. Sou gëtt séchergestallt, dass, wann en Assistant parental sech eng kéier net ëm d'Kanner këmmere kann, d'Elteren awer d'Chance hunn, fir hir Kanner betreit ze kréien.

Komme mer nach kuerz op déi obligatoresch Formatiounen zréck, ouni déi keen Agreement ausgestellt gëtt! De potenziellen Assistant parental muss un engem Cours vun op d'mannst 100 Stonnen deel huelen an e Stage vun op d'mannst 40 Stonne maachen.

Wat sinn d'Module vun deene Coursen? Niewent den administrativen a professionellen Aspekter, déi de Beruff vun Assistant parental mat sech bréngt, geet et och ënner anerem ëm gesond Ernährung, d'Entwécklung vum Kand a

Konfliktmanagement. Déi Formatioun garantéiert also, dass d'Dagesmamm oder den Dagespapp beschstens virbereet sinn.

Madamm Presidentin, wéi Der wësst, hu mer kuerz virun der Sommervakanz iwwert de Programm vun der méisproocheger Erzéiung geschwat an eben och iwwert d'Kritären, fir de Chèque-service accueil kënnen ze kréien. Och dobäi goug et drëms, kloer Qualitéitskritäre festzeleeën, déi eng Dagesmamm muss erfëllen. Ech kommen nach eng kéier ganz kuerz drop zréck: Fir kënnen als Assistant parental vum Chèque-service accueil ze profitéieren, muss een niewent dem Agreement, der Formation an dem Projet pédagogique och nach zwou vun eisen dräi Amtssprooche beherrschen, also Minimum den Niveau vum A2-Certificat hunn.

Madamm Presidentin, léif Kolleeinnen a Kolleeen, dat war elo e kuerzen Iwwerbléck iwwert de Projet de loi 6409. Fir weider Detailler verweisen ech op de schrëftleche Rapport. Ech soen de Kolleeen aus der Kommissioun Merci fir hir Mataarbecht a gi vun dëser Plaz och schonn den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Rapporteur Gilles Baum. Als éischt ageschriwwen Riednerin hunn ech d'Madamm Françoise Hetto. Madamm Hetto, Dir hutt d'Wuert.

#### **Discussion générale**

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).**- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech dem Rapporteur Gilles Baum villmools Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Mir wëssen alleguer, dass de Besoin u Betreuungsförme fir eis Kanner an de leschte Joren extrem gewuess ass. Vill Strukture goufe gegrënnt. An awer si mer der Demande nach ëmmer net gerecht ginn. D'Demande ass méi grouss wéi d'Offer. An d'Offer variéiert och nach vu Gemeng zu Gemeng. Do mussen also nach ganz vill Efforte gemaach ginn.

A ville Famillje mussen d'Elteren zu zwee schaffe goen an d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff ass a bleift e regelrechten Challenge, ganz besonnesch natierlech fir d'Elengerzéier.

Wa mir dem reelle Besoin u Betreuungsméiglechkeete wëllen nokommen, da brauche mer eng Villfalt vun Offeren, déi sech ergänzen. De Service, deen d'Dageseltere leeschten, ass an deem Kontext als zousätzlech Alternativ a complémentaire Betreuungsoffer par rapport zu de privaten an ëffentleche Strukture wéi Crèchen a Maison-relais ze gesinn.

Dëst Gesetz iwwert d'Dageseltere bréngt eng ganz Rei vu Verbesserunge mat sech. Mir begrëssen, dass elo ganz kloer geregelt gëtt, wie beim Ausfall vun der Dagesmamm oder vum Dagespapp als Remplaçant kann asprangen a wéi eng Konditiounen da vun dëser Persoun och mussen erfëllt sinn.

Mir begrëssen och, dass d'Dageselteren eng vun den dräi offizielle Sproochen hei am Land richtig muss beherrschen an dass d'Qualitéit vun hirer erzéierescher Aarbecht iwwert de Wee vun engem Projet d'établissement an engem Projet pédagogique soll verbessert ginn. Och hir Formatiounen, déi se maache mussen, sinn natierlech ze begrëssen.

Mä da si mer awer och scho fäerdeg mat deene positiven Elementer, déi an dësem Gesetz ze fanne sinn. Well dëst Gesetz huet eng ganz Partie vun negativen Auswierkungen op den Dageselteren hir Aarbecht, op hiert Liewen a riskéiert, derzou ze féieren, dass dës Piller vun der Kannerbetreuung wäert verschwannen. Ech erkläre mech:

Mir wëssen alleguer, dass an den traditionelle Maison-relais a Crèchen d'Notzungsméiglechkeeten dach awer zimlech rigid sinn, eppes, wat fir Eltere mat onregelméissegem Aarbechtssäiten e richtege Problem ass. Et si grad si, déi d'Flexibilitéit vun der Optioun Dageseltere ganz besonnesch schätzen. Een éischt Argument, wéi sou Dageselteren e wichtege Piller an där ganzer Kannerbetreuung sinn.

Derbäi kennt, dass et dacks e bewusste Choix vun den Elteren ass, fir hiert Kand an engem klengen Grupp Kanner bei enger Dagesmamm betreien ze loossen. Hei ass eng familiär a vertraut Ambiance. D'Kanner hu mat enger Bezugspersoun ze dinn. Et ass méi eng heemleg Situatioun, esou wéi an enger grousser Famill, wat besonnesch ganz klengen Kanner zuguttkennt. Dat ass dat zweet Argument, dat déi wichteg Roll vun den Dageselteren ënnersträicht.

Dacks sinn d'Kannergruppe bei Dageselteren och zimlech homogen an et ka vill an de Kanner hirer Mammesprooch kommunizéiert ginn, wat jo hirer Sproochentwécklung ze-

guttkennt. Deemno en drëtten interessante Virdeel vun den Dageselteren.

Derbäi kennt, dass verschidden Elteren iwwerhaupt keng Plaz an enger Betreuungsstruktur fannen an dankbar sinn, wa se iwwerhaupt op Dageseltere kënnen zréckgräifen.

All dës Argumenter weisen ganz kloer, dass mer op d'Dageselteren ugewise sinn. An dofir versti mir och net, firwat den Här Minister d'Dageselteren an eng Konkurrenzsituatioun zu deenen anere Betreuungsforme setzt, jo, quasi dës Piller amgaangen ass ewechzesäbelen. An et ass genee dat, wat hei passéiert.

Dir wësst, dass duerch de Projet de loi iwwert d'plurilingual Frëifërderung d'Kanner vun engem Joer an enger Betreuungsstruktur vun 20 gratis Stonne Chèque-service accueil kënnen profitéieren. Mir als CSV, mir haten eis jo géint dës Frëifërderung ausgeschwat, an dat aus ville verschiddenen Ursachen. Et muss ee wëssen, dass d'Dageseltere vun dëser plurilingualer Frëifërderung ausgeschloss sinn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, 20 gratis Stonne pro Woch si jo eng lackeleg Offer. An dës Offer wäert wuel d'Demande nach vill méi an d'Luucht driewen. C'est l'offre qui va créer la demande.

An dofir stelle sech fir eis déi heite Froen: Risikéiere mer net doduerch, dass d'Dageselteren ausgeschloss sinn, dass d'Waardelëschten, fir eng Plaz an enger Struktur ze kréien, nach vill méi laang ginn, wéi dat elo schonn de Fall ass? Wäerte sech net eng Partie Elteren aus finanzielle Grënn géint d'Dageselteren oder d'Dagesmamm, den Dagespapp entscheeden, ebe just well se jo elo Urecht op 20 Stonne gratis an enger anerer Struktur hunn?

Aktuell hu mer knapps 700 Dageselteren hei am Land, déi vum Ministère agréiert sinn. Dovunner sinn der ronn 600 „prestataire du chèque-service accueil“. Schon elo besteet e Konkurrenzkampf tëschent den Dageselteren. Jiddweree schrauft säin Tarif erof. Vill ënnerbidde sech géigesäiteg. Dat kann et net sinn! Well och d'Dageseltere mussen vun hirer Prestatioun, déi se ubidden, liewe kënnen.

An an enger finanziell prekärer Situatioun ze schaffen, huet och ëmmer en Afloss op d'Aarbechtsmoral an op d'Aarbecht, also deemno den Accueil. Ass et dat, wat mer wëllen!

Ab Januar 2018 wäerten d'Tariffer vun den Dageselteren adaptéiert ginn. Am Moment kréie se pro Stonn a pro Kand 3,50 Euro. Dësen Tarif gëtt dann ëm 25 Cent eropgesat, also op 3,75 Euro d'Stonn. D'Betreiung vun engem Kand bei enger Dagesmamm ass dem Stat 3,75 Euro wäert an an enger Crèche 6 Euro. E groussen Ënnerschied! Ass dat richtig? Ass dat ëmmer justifiéiert?

De Minister seet, d'Dageseltere wieren eng Alternativ fir Kanner vun Elteren, déi op Schicht schaffen, deemno zum Beispill fir Leit aus der Restauratioun, dem Flegesektor oder awer och dem Nettoyagesektor. D'Dageseltere sollen, wann ech gelift, dofir och iwwer Nuecht an de Weekend verstärkt den Accueil ubidden. D'Gesetz proposéiert an deem Kontext den Tarif vu 4,25 Euro fir den Accueil de Weekend an tëscht owes siwen a moies siwen. An eisen Aen ass den Tarif vu 4,25 Euro dofir ze niddreg ugesat.

Wann ee weess, dass besonnesch ganz kleng Kanner nuets dacks erwächen, kräischen, net schlofe kënnen, schlecht dremmen, vläicht och net dermadder eens ginn, well se net an hirem eegene Bett leien, da muss ech dach awer soen, dass déi Zomm vu 4,25 Euro d'Stonn, déi ee fir dës grouss Aufgab kritt, einfach lächerlech ass. Vläch ass de Minister bereet, och nach eng kéier doriwwer nozedenken.

Derbäi kennt, dass de Prinzip vun der Égalité devant la loi net respektéiert ass. Hei gëtt nämlech d'Aarbecht vu Leit mat darselwechter Ausbildung anescht wäertgeschätzt, jee no deem, ob si op sech selwer, also als Dagesmamm, oder an enger Crèche schaffen. Wie säi Kand an eng Crèche gëtt, ka vun 20 gratis Stonne profitéieren. Wie säi Kand bei eng Dagesmamm mam selwechte Bildungsgrad wéi d'Personal an de Crèche gëtt, kritt keng gratis Stonnen.

Mir sinn der Meinung, dass déi eenzel Prestataire, déi vun der Ausbildung hier datselwecht kënnen, déiselwecht Kompetenzen hunn, och d'selwecht mussen behandelt ginn. D'Elteren hirersäits wäerten de Choix ganz séier gemaach hunn. 20 gratis Stonne sinn e lackelegt Argument.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, dëst gesot, wäerte mir eis als CSV aus all dësen Ursachen an och Iwwerleeungen eraus bei deem heite Gesetz enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!





► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci der Madamm Hetto. Als nächstens ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll mech dem Rapporteur hei uschleissen an him e grouse Merci soen, dem Gilles Baum, fir säi ganz komplette schréftlechen a mëndlechen an och ganz exzellente Rapport.

D'Assistance parentale, oder wéi mer op Lëtzebueresch soen: d'Dageselteren - u sech gefält mer deem Term och vill, vill besser, well en u sech ganz flott resuméiert, ëm wat et bei hiner Aarbecht geet - sinn, an et ass virdrun och schonn e puermol gesot ginn, en immens wichtige Deel vun eise Kannerbetrieungsstrukturen. Dat léisst sech schonn eleng un der ëmmer méi grousser Zuel vun den Dageseltere moossen. Wéi och scho virdrun ënnerstrach gouf, sinn am Moment schonn eng ronn 700 Dageselteren aktiv an déi betrieien dann och e puer Dausend Kanner.

Wichtig sinn d'Dageselteren awer och a virun allem, well se méi eng grouss Flexibilitéit ofréiere wéi d'Crèchen an d'Maison-relais, ënner anerem wat d'Horaires ugeet. Wéi och schonn dat viregt Gesetz, gesäit dat neit Gesetz vir, dass Kanner och nuets kënne bei Dageseltere betreit ginn. Et ginn hei am Land eng ganz Rei - an d'Madamm Hetto huet et virdu gesot - Leit, déi Nuetsschicht schaffen oder Weekender schaffen, an déi Leit mussen natierlech och kënne gehollef kréien an op eng Struktur kënnen zréckgräifen, déi op hir Kanner oppasst, wa si dat net kënne maachen, an dat dann eben och zu méi onkonventionellen Zäiten.

Hei hu mer awer opgepasst, dass e Kand net méi laang wéi dräi Wochen um Stéck kann an enger Dageseltesterstruktur ënnerbruecht ginn. Dat natierlech, fir ze verhënneren, dass, allez, soe mer emol: „net responsabel“ Elteren hir Responsabilitéit dann och ganz hei kënnen ofginn.

Dageseltere ginn den Elteren och d'Méiglechkeet, an engem Kontrakt zousätzlech Arrangementer fir hir Kanner virzegesinn, sief dat bei den Hausaufgaben oder bei de sportlechen Aktivitéiten, anescht wéi an anere Strukturen, déi normalerweis een an deen nämlechte Service fir all Kand ubidden. Hei kann dat also och ganz interessant fir d'Eltere sinn. Do dernieft ass d'Relatioun tëschent enger Dagesemamm oder och engem Dagespapp an deem Kand oft méi intim, och méi heemeleg, och vill méi perséinlech, well nämlech ëmmer déiselwecht Persoun sech ëm d'Kand bekümmert an dat dann och nach doheem an engem richteg familiäre Kader.

Mam Gesetz, wat mir haut hei an der Chamber stëmmen, setze mer als Konditioun, dass d'Dageselteren net méi wéi fënnef Kanner beienee betrieien däerfen an dann e Maximum vun zwielef Kanner am Ganzen däerfe betrieien. Hir eege Kanner, déi si jo och nach kënnen hunn, déi zielen net derzou, ausser wa se ënner zwee Joer hunn.

Dovunner däerfen der dann och, vun deene fënnef Kanner, net méi wéi zwee manner wéi zwee Joer hunn. Och dat dréit derzou bäi, dass d'Dageselteren der wesentlecher Roll vun enger Vertrauenspersoun géigeniwwer dem Kand kënne gerecht ginn.

Madamm Presidentin, déi héich Zuel un Dageselteren an och déi méi flexibel Betrieungsformen, déi se ubidden, bréngen et natierlech och mat sech, dass de Stat sécherstelle muss, dass bei der Ausübung vun deenen Aktivitéiten och gewësse Qualitëitsstandarde respektéiert ginn. An éischter Linn muss et eis ëm d'Wuel vum Kand goen. Dat war och schonn eis Suerg am Gesetz vun 2007, wou fir d'éischte Keier dann och dee legale Kader fir d'Dageselteren agefouert ginn ass.

Dat ass och bei dësem neie Gesetz, dat dat aalt ersetzt, eis Haaptmotivatioun. Ech wëll duerfir och virausschécken, dass mer mat dësem Gesetz d'Aktivitéit vun den Dageselteren net méi einfach maachen. Bei verschiddene vun deene Betreffene wéi och bei der CSV stéisst dat op Kritik. Ech kann déi Kritik wuel entgéintheulen, ech ka se awer hei net fir gutt befannen, well ech se net berechtigt fannen.

Madamm Presidentin, wie sech ëm Kanner këmmert, an dat misst och der CSV awer uweleien, wien op Kanner soll oder besser gesot, a verschiddene Fäll jo och muss oppassen an d'Aufgab huet, hinnen och an hiner Entwécklung ze hëllefen, vun deem muss een och kënne verlaangen, dass en déi néideg Formatioun duerfir huet, mä och de Kanner déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung stellt an dass e streng Sécherheitsmoosname respektéiere muss, fir d'Wuel vum Kand ze garantéieren.

E Kand muss sech gebuerge fillen. An d'Wuel vum Kand, hunn ech virdrun och gesot, steet

un éischter Plaz. All aner Consideratiounen si fir eis do zweetrangeeg. Duerfir verlaange mer och vun den Dageselteren, mä och vun all deenen, déi am Haus wunnen an déi Kanner betrieien, perséinlech Garantien. Fir den Agreement vum Ministère ze kréien, mussen all déi Betreffen, soulaang se iwwer 16 Joer al sinn, eng Kopie vun hirem Casier judiciaire virleeën.

Eng aner ganz wichtig Oplag fir d'Dageselteren ass, dass se en Éischt-Hëllef-Cours musse matmaachen, fir dass se wëssen, wéi dass se reagéieren, wann emol eng Keier eppes sollt passéieren. D'Dageseltere mussen och all Joer op d'mannst zwanzeg Stonne Formatioun suivéieren am Beräich vun der Kannerbetrieung.

Madamm Presidentin, mir lëschten déi fundamental Besoine vum Kand op, déi d'Dageseltere musse garantéieren, a mir setze streng Kriterien bei de Sécherheitsmoosname fest, déi doheem vun den Dageseltere mussen agehale ginn. Dozou gehéiert ënner anerem och, dass Feiertekteren a Feierlächter an der Wunneng installéiert ginn. All dës Oploe gi vun engem Vertrieeder vum Educationsministère kontrolléiert. An de Ministère huet d'Méiglechkeet, ënner verschiddene Konditiounen, déi och d'Rechter vun den Dageselteren da respektéieren, hiren Agreement ze suspendéieren oder am schlëmmste Fall souguer ewechzehuelen, wann d'Gesetz net agehale sollt ginn.

Madamm Presidentin, ech ginn net op all Detail vun dësem Gesetz an, well de Rapporteur huet dat Wichtigst schonnerausgestrach. Ech wëll awer widerhuelen, dass d'Konditiounen, fir deen Agreement als Dageselteren ze kréien an ze halen, richteg streng sinn an dass dat och, wéi scho gesot, fir d'Wuel vum Kand berechtigt ass.

Aus all deene Grënn begréisst d'LSAP duerfir ausdrécklech d'Aféierung vun der spezifescher Formatioun an deem heite Gesetz, fir kënnen Assistant parental ze ginn. Dës Formatioun gesäit vir, dass déi zukünfteg Dageselteren déi pädagogesch Prinzipie vun der net formeller Educatioun bäibruucht kréie souwéi och Kenntniss am Beräich vun der Kannerentwécklung mussen hunn, léiere mussen, wéi een mat Konfliktsituatiounen ëmgeet, an och léiere mussen, wat fir eng Alimentatioun gutt ass fir d'Kanner.

An ech muss lech soen: Aus perséinlecher Erfahrung kann ech dat heite Gesetz och wirklech nëmme begrëissen. Ech hu Situatiounen a menger Qualitéit als Assistant social gesinn, wou a Kellere Kanner versuergt goufen, net nëmme fënnef, mä wäit iwwer dat Duebelt vu fënnef, an dat ënner Konditiounen, déi wirklech net engem Kand gerecht waren, wou se agepercht ware während Stonnen an engem donkele Raum. Duerfir fannen ech dat Gesetz hei ëmsou méi wichtig, fir dass déi Kanner do a gudde Konditiounen solle kënnen opwuessen. An duerfir ass dat Gesetz hei och méi wéi noutwendeg.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Très bien!

► **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Mir begrëissen och, dass mer am Gesetz mat enger Referenz op déi international Konventioun vun de Kannerrechter hiweisen an den Dageselteren d'Obligatioun ginn, sech un d'Prinzipie vun där Konventioun hei och ze halen. Eigentlech ass dat zwar eng Selbstverständlechkeet, mä mir mengen awer, dass et och Sënn mécht, op déi Konventioun hinzewiesen, all Keiers wann et drëm geet, d'Wuel vum Kand beschtméiglech ze verdeedegen.

Zum Schluss wollt ech nach eng Fro un den Educationsminister, den Här Meisch, riichten. Während eisen Aarbechten an der Kommissioun, do hat, ech mengen, et war d'Madamm Hansen, d'Fro opgeworf, ob een d'Dageselteren net och an deen neie plurilinguale Betrieungssystem kéint integréieren - d'Madamm Hetto huet dat virdrun och gesot -, wat awer nëmme schwéier ze maachen ass, weinst allen Exigenzen, déi domadder verbonne sinn. De Ministère hat doropshin ugekënnegt, sougenannt „Minicrèchen“ wëllen anzeféieren, bei deenen d'Dageselteren an diploméiert Educatoren sech a méi enger klenger Struktur kéinten associéieren, fir dann och un deem plurilinguale Programm do kënnen deelzehuelen.

Ech wollt vum Minister wëssen, wou dee Projet do drun ass an ob en do scho méi Detailler eventuell kéint ginn. A senger Äntwert kéint en dann och nach eng Keier dorop zréckkommen, woufir ech ëm elo scho géif e grouse Merci soen.

Ech soen lech alleguerten awer elo e grouse Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Engel. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Madamm Presidentin. Mat dësem Gesetz regele

mer d'Aktivitéit vun der Assistance parentale nei. Mir probéiere mat dësen Adaptatiounen, fir den Accueil vun de Kanner bei Drëttersounen méi präzis, eigentlech och méi streng ze reglementéieren a fir och derfir ze suergen, dass d'Qualitéit vun der Kannerbetrieung héich bleift.

Mir mengen, dass dat wichtig a richteg ass. Mir ënnerstelle kenger Persoun, déi sech berufflech engagéiert, Kanner ze versuergen, dass se dat net mat deene beschten Absichte wëllt maachen. Mir wëssen awer och alleguer, dass et bei der Kannerbetrieung och ëm e Business geet. All Mënsch, deen eng Crèche bedreift, muss sech och noutgedronge Gedanken maachen, wéi e säi Betrib ka rentabiliséieren. An all Mënsch, deen als Assistant parental schafft, muss sech och noutgedronge Gedanken maachen, ob hien duerch dës Aktivitéit en Akommes kritt, wat sengem Engagement gerecht gëtt.

Madamm Presidentin, ier ech op den eigentleche Projet de loi aginn, e Projet de loi, deen net extra grouss an och net extra komplizéiert ass an dee vum honorabelen Här Baum ganz gutt virgestallt ginn ass - Merci, Här Baum -, wëll ech e puer Remarquen iwwer d'Kannerbetrieung virausschécken.

Mir ënnerstëtzen all déi Efforten, déi eis Regierung gemaach huet, fir den Eltere méi Zäit ze ginn, fir sech ëm hir Kanner ze bekümmern a fir eng gutt Relatioun mat hire Kanner ze kréien. Mir mengen net, dass eng gutt Kand-Elteren-Relatioun exklusiv eng Saach vun Zäit ass, déi een zesumme verbréngt. Mir sinn awer der Meenung, dass et gutt ass fir d'Kanner a fir d'Elteren, wa besonnesch an der fréier Kandheet d'Zäit zesummen net ze knapp bemooss ass.

Mir begrëissen et, dass de Pappecongé vun zwee op zéng Deeg eropgesat ginn ass. Mir begrëissen et, dass de Congé pour raisons familiales an de Congé parental vill méi flexibel gi sinn. An ech kenne selwer och eng Rei Leit, déi zu zwee schaffe ginn, mä wou deen ee Partner eng Zäit laang eng Reduzéierung vu senger Aarbechtszäit agaangen ass, fir ebe méi Zäit ze hunn, fir bei hire Kanner ze sinn. Ech weess, dass sech dat net jiddweree leeschte kann. Ech proklaméieren dat och net als e grousst Virbild an der Politik vun der Kannerbetrieung. Ech erlabe mer awer, dee Choix, deen eng ganz Rei Leit treffen, fir ebe grad just op en Deel vun hirer Pai ze verzichten, fir méi Zäit ze hu fir hir Kanner, als sympathesch ze empfangen.

Och wann d'Grondvoraussetzung fir esou e Schratt schonn eng gewëssen Héicht vum Akommes voraussetzt, bedéngt déi Decisioun awer e materielle Verloscht oder vläicht méi richteg: e materielle Verzicht. An et ass jo grad just déi Zäit, wa Kanner kommen, en Haus oder eng Wunneng geplangt oder scho kaaft ass, wou vill Geld gebraucht gëtt. Déi Erkenntnis hat iwwerens elo kuerz och eise Minister vun der Fonctioun publique d'lescht Woch um 50. Geburtsdag vun der CGFP. Hien hat gesot, aus ville Gespréicher, déi en hat, hätt en eraushéieren, dass mer eis misste Gedanken maachen, ob d'Liewensaarbeitszäit an de Verdéngscht richteg verdeelt wieren.

Bon, ech hu schonn oft héieren, dass jonk Stéit méi Sue bräichten. Ech hunn awer nach ni héieren, dass eeler Stéit oder eeler Mënsche manner Sue wëlte kréien.

**(Hilarité)**

En attendant ass de Stat an der Flicht, fir gennue Kannerbetrieungsplazen an och a gudder Qualitéit unzebidden. Mir sinn als Gréng och d'accord, fir weider um Wee ze goen, déi direkt finanziell Zouwendungen un d'Famillje mat Kanner net prioritär ze hiewen, mä an d'Betrieungsstrukturen ze investéieren. Et ass keng gutt Iddi, wann de Stat d'Leit finanziell encouragéiert, der Aarbechtswelt de Réck ze dréien.

Mir brauchen also niewent flexibelem Congé fir Elteren och Betrieungsméiglechkeete fir Kanner. Schonn déi viregt Regierung huet vill an d'Betrieungsstrukturen investéiert. Dës Regierung huet déi Efforten nach verstärkt an zum Beispill och de Fokus op den Émgang mat der Lëtzeburger Sprooch a mat de Kanner hirer Mammesprooch geluecht.

Haut sinn awer net d'Crèchen de Sujet vun der Diskussioun. Wéi scho gesot, riichte mer haut de Fokus op d'Dageselteren. D'Definitioun vun den Dageseltere steet am Gesetz: Si versuerge regelméisseg a ginn dofir bezuelt. Den Dag huet 24 Stonnen, d'Dageseltere kënnen also och „Nuetselteren“ sinn. Hir Aarbecht ass also net op déi Zäit reduzéiert, wou et hell ass dobaussen. D'Kanner sinn tëschent null an zwielef Joer al. D'Zuel vun de Kanner ass begrenzt op fënnf respektiv op zwee, wa se manner wéi zwee Joer al sinn.

D'Detailler vum Gesetz si scho gesot, ech widerhuelen dat elo net. Mir mengen, dass et ganz wichtig ass, dass d'Konditiounen, déi ee

muss erfüllen, fir Kanner ze versuergen an domat Suen ze verdéngen, kloer sinn an esouwuel d'Infrastrukture wéi och d'Ausbildung an d>Weiderbildung vun den Dageseltere betreffen. Mir fannen déi Konditiounen, déi am Gesetz stinn, fir en Agreement ze kréien, gutt. Mir gesinn d'Obligatioun, fir mindestens zwanzeg Stonne Weiderbildung ze maachen a fir all Joer en Aktivitéitsrapport ze maachen, net als onnéideg Kujenad vun den Dageselteren. Mir mengen, dass dat Exercicer sinn, déi noutwendeg sinn, well Dageseltere vill Verantwortung hunn a well et sënnvoll ass, si och an engem Réseau an an engem regelméissegem Austausch mat aneren Dageseltere schaffen ze looszen.

E bësse méi kontrovers Diskussiounen hate mer an der Chamberskommissioun iwwer d'Ufuhrungen un d'Sprooch. Fir en Agreement ze kréien, muss ee capabel sinn «de comprendre et de s'exprimer dans au moins une des trois langues» du pays. Dat schénkt eis logesch ze sinn: Wéi wëlle mer soss eng Weiderbildung un de Mann oder éischter un d'Fra kréien? Wie soll soss d'Aktivitéitsrapporte liesen, wa se net an enger vun deenen dräi Landessproochen geschriwwen sinn?

Mir mengen net, dass et e Gewënn wier, wa mer méi wéi Kenntniss an enger vun deenen dräi Sproochen géife verlaangen, fir en Agreement ze kréien. Mir froen eis esouguer éischter, ob mer net am Gesetz vum 29. August 2017 e bëssen héich gegräff hunn, wéi mer vum Assistant parental verlaangt hunn, hie misst zwou Sproochen kënne mam Niveau A2. Ech gesinn do kee grouse Gewënn. Ech géif esouguer soen, dass mer méi dovun hätten, wann an enger vun deene Sproochen den Niveau B1 gi wier, wéi an zwou den A2.

Do kéint vläicht de Minister eis soen, wéi dat an der Praxis funktionéiert. Gëtt et Problemer bei de Sproochenkenntniss vun den Dageselteren? Kann dat en Hemmschung sinn? A well ech schonn derbäi sinn, da wëll ech och kuerz op déi Awänn agoe vun der Kolleegin vun der CSV. Selbstverständlech si mer mat der CSV averstanen, wa mer soen, dass mer déi zwee Betrieungssystemer brauchen. Mir brauchen engersäits Crèchen a mir brauchen anersäits Dageselteren. An ech mengen och, dass esouwuel d'Wuesstumszuele bei den Dageseltere wéi bei de Crèchen d'selwecht sinn. Also d'Demande ass einfach grouss. Mir kënnen eis et net leeschten, fir ee Pilier ewechbriechen ze looszen.

Mir mengen awer, dass déiselwecht Dimensionen vu Sproocheförderung, déi an enger Crèche denkbar ass, net ka vun enger Dagesemamm oder engem Dagespapp verlaangt ginn. Hei hu mer ganz aner Personalressourcen. An déiselwecht Dagesemamm, déi sech géif an zwou Sproochen un d'Kanner wenen, dat ass einfach Quatsch. Dat géif näischt bréngen. D'Dagesemamm kommunizéiert an där Sprooch, déi se gutt beherrscht, mat de Kanner a brauch eben och eng Sprooch, fir mat der Administratioun, mam Ministère ze kommunizéieren.

Mir mussen akzeptéieren, dass mer et hei mat zwee verschiddene Systemer an der Kannerbetrieung ze dinn hunn. Déi zwee Systemer hu Virdeeler a si hunn och allen zwee Nodeeler. D'Crèchen zum Beispill, do ass eng ganz Equipp, déi schafft. Do ass eng Struktur vun enger gewëssener Gréisst, do gëtt et eng Aarbechtsopdeeling, do fënnt ee méi licht en Ersatz. Do gëtt et eng Hierarchie. Eventuell ass d'Kontroll méi einfach.

D'Crèchen hunn awer och Nodeeler, zum Beispill a puncto Flexibilitéit. Et gëtt keng Crèche, déi d'Nuecht duerch funktionéiert. Mir haten e Beispill a menger Gemeng zu Miersch, d'Crèche zu Bierschbech, an dat war net oprechtzëerhalen, well d'Demande zwar do ass, awer net grouss genuch ass, fir esou eng Struktur wéi eng Crèche funktionéieren ze dinn. An och en Nodeel vun de Crèchen ass déi grouss Unzuel vu Besuchspersonen.

E weideren Nodeel vun der Crèche ass a mengen Aen och heiansdo d'Gréisst. Ech fanne verschidde Betrieungsstrukturen einfach ze grouss. E gudden Architekt bréngt et eventuell fäerdeg, vill roueg Ecken a Gebuergeheet ze schafen, mä dat ass alles anescht wéi evident.

Dageselteren - wéi gesot, hir Zuel ass äänlech schnell an d'Luucht gaange wéi déi vun de Crècheplazen - hunn den Avantage, dass se kleng sinn a Gebuergeheet bidden. Dat ass fir eng ganz Rei Kanner angeneem. Si si flexibel. Iwwer Nuecht ass et méi einfach, eng Plaz bei enger Dagesemamm ze fanne wéi an enger Crèche. A si hunn natierlech och den Avantage, dass et eng Besuchsperson ass, wat dann och





erëm den Desavantage mat sech bréngt, datt mer keng Equipp hunn, datt mer manner Struktur hunn, datt keng Aarbechtsopdeeling méiglech ass, datt et manner Austausch gëtt an eventuell d’Kontroll och méi schwiereg ass vu bausse.

Mir brauchen, wéi gesot, dës zwou Forme vu Kannerbetreuung. Mir ginn eis déi noutwendeg gesetzlech Kaderen, an dat ass gutt esou.

An ech erlabe mer zum Schluss dann och nach eng Bemierkung, firwat datt mer der Meenung sinn, datt een net kann déi Rechnung maachen, déi d’Kollegin vun der CSV gemaach huet. Ech mengen, datt et net geet, fir einfach d’Präisser an Euroen auszudrécken an ze soen: „Deen ee muss genausou vill Euro kréie wéi deen aneren.“ Do gëtt et jo awer vun der Struktur hier och e ganz groussen Ënnerscheed. Et gëtt en Invest, deen ee ganz aneren ass bei enger Crèche wéi bei enger Plaz vun enger Betreuungspersoun; mä den Här Minister kann do selwer drop agoen.

Mir sinn als Gréng och ëmmer der Meenung gewiescht, datt et wichteg ass, genuch ëffentlech Plazen a Betreuungsstrukturen ze kréien. Déi Meenung hale mer och nach ëmmer oprecht. Mir wëssen, datt mer déi privat Crèchè brauchen, mä eis Prioritéit läit nach ëmmer do, fir genuch Plazen an ëffentleche Crèchen ze schafen.

Zum Schluss nach vläicht e Gedanke vun enger drëtter Struktur: „ein Zwischending“ zu den Dageselteren an de wierklech grouse Crèchen. Mir haten an der Kommissioun, wéi mer iwwert dësse Projet de loi geschwat hunn, dat och ugetickt, allerdéngs éischter vir an no de Sätzungen. An trotzdem, mir kéinten eis virstellen, datt mer eis och eng Kéier géifen e legale Kader ginn, fir bei Wäitem méi kleng a méi flexibel Strukturen ze schafe wéi déi aktuell Crèchen, a wou awer mindestens zwou Persounen géife schaffen. Esou Konditiounen fir Strukture misste mer eis ausdenken a mir missten och do eng Kontroll duerch staatlech Instanzen kënne garantéieren. Dat hätt den Avantage, datt et méi iwwersiichtlech wier, datt et méi gebuerge wier an datt et trotzdem awer och eng gewësse Flexibilitéit hätt par rapport zu den Dageselteren.

Wéi gesot, dat ass en Denkestouss (veuillez lire: fir e Gedanken), deen een eventuell nach eng Kéier sollt féieren. An ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir Är Opmerksamkeet.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Adam. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëlt fir unzefänken dem Här Baum Merci soen, en huet do e ganz gudd Rapport gemaach. En huet eis d’Détailen vun dësem Gesetz ganz genee erkläert. An awer mengen ech, datt et wichteg ass, fir eis vläicht zwou politesch Froen ze stellen an déi un den Ufank vun dëser Diskussioun ze setzen. Well ech mengen, dorëm geet et eigentlech.

Déi éischt ass: Ass et richtig, datt mer hei probéieren, lauter Strukturen ze schafen, fir d’Kanner ze versueren, an dobäi ëmmer erëm vergiessen - zemoos an dëser Legislaturperiod -, datt déi drëtt Méiglechkeet ass, fir d’Familljen, déi doheem wëlle bleiwen, fir hir Kanner selwer ze erzéien, och ze fërderen? Dat ass eppes, wat an der Diskussioun bei dëser Gambia-Regierung ni zur Sprooch kënnt. Et gëtt alles gemaach, fir datt d’Leit zu zwee mussen schaffen goen. D’Elteren doheem - an dat ass deen anere Familljemodell - gi benodeelegt. An dat fanne mir als ADR einfach net richtig.

Mir sinn d’accord a mir hunn och eng ganz Rei Projekte matgedroen, déi dohiginn, datt déi Leit, déi de Choix treffen, fir zu zwee schaffen ze goen, hir Kanner da besser versuergt kréien, doduerch datt se se an eng Struktur ginn, wann dat hire Wunsch ass. Dat hu mir matgedroen. Awer mir sinn net d’accord, datt systematesch deen anere Modell vun deene Leit, déi wëllen doheem bleiwen, fir hir Kanner selwer ze erzéien, benodelegt gëtt.

Déi zweet grondsätzlech Iwwerleeung, déi ech wëll hei un den Ufank vun dëser Diskussioun stellen, ass déi, datt ee sech eigentlech ka wonnere, datt dësse Projet ënnert der Regie vun engem liberale Minister kënnt. Well d’Fro vun engem liberale Minister misst jo als Éischt sinn: Muss de Stat an alles agräifen? Muss de Stat eng Dagesmamm reglementéieren, esou als

wier et eng Klinik oder iergendeng Kantin, wou misst extrem genau op alles gekuckt ginn? Ass et net um Stat, fir sech erauszehalen, souwäit wéi et geet? Sécher, Abuse mussen verhënnert ginn. Den Här Engel hat eis e puer Fäll do genannt. Awer u sech ass et um Stat, sech erauszehalen aus der privater Entreprise, wann eng Dagesmamm do hir Servicer oder en Dagespapp seng Servicer wëllt offréieren. En huet awer dat Recht an déi Pflicht anzegräifen, wa Steergelder am Spill sinn a seng direkt Responsabilitéit engagéiert ass. An dorobber kommen ech nach ze schwätzen.

Ech wëll e puer Kommentare maachen aus der Optik vun dësem Gesetz. Wéi gesot, déi zwou grondsätzlech Bemierkungen, déi mer wëlle maachen, déi hunn och elo gemaach: Éischens, keng Benodeelegunge fir d’Familljen, déi hir Kanner selwer wëllen erzéien, an zweetens, de Rôle vum Stat soll nëmmen da gräifen, wann et wierklech néideg ass.

Mä an der Optik vun dësem Gesetz stelle mer emol fest, datt et e ganz formalistescht Gesetz ass. Och dat ass eng Charakteristik an der Aarbecht vun dëser Regierung, datt alles extrem formaliséiert gëtt. Et kann dach net sinn, datt hei vun Dageselteren deeselwechte bürokrateschen Opwand gefuerdert gëtt a Form vun engem Projet d’établissement oder souguer vun engem Projet pédagogique, wéi dat bei Schoulen de Fall ass. Dat ass eng Verwieslung. Hei gëtt einfach ëmmer an deeselwecht Richtung geduecht, ëmmer an deeselwechte Formalismus an et ass sécher deem Objet, iwwert dee mer schwätzen, net ugepasst.

Eng zweet Iwwerleeung, dat ass déi Konkurrenz tëscht den Dageselteren an de Crèchen. Et gëtt vun den Dageselteren hei an dësem Projet ganz vill Investissement an Infrastrukturen verlaangt, och an der Restauratioun an a ganz villen aneren Exigenzen. An och dat verstärkt hir Konkurrenzsituatioun, déi net onbedéngt favorabel ass, géintiwwer de Crèchen.

Dann ass och eng aner prinzipiell Iwwerleeung, dat ass dat Verhältnis tëscht den Elteren, de biologeschen Elteren oder deenen, déi d’Autorité parentale iwwert dat Kand hunn, an den Dageselteren, den Assistants parentaux. Do gëtt e Kontrakt ofgeschloss. An dee Kontrakt, deen heescht: „Contrat d’éducation et d’accueil“. An do soe mir: Neel! D’Education vum Kand ass e Recht an eng Pflicht vun den Eltere vum Kand, weder vun den Dageselteren nach vum Stat. Den Accueil, dee gëtt vun den Dageselteren gemaach fir déi Zäit, wou déi Leit, déi d’Autorité parentale hunn, déi biologesch Elteren an der Regel, dat net kënnen oder wëlle maachen. Awer d’Education vum engem Kand ass eng Aufgab vun den Elteren.

Et ass och interessant - elo wou ech den Unterrechtsminister gesinn -, wann ech den Term „Unterrechtsminister“ benotzen, well an der Tradition vun deem Ministère eben nach den Unterrecht vun de Kanner als staatlech Funktioun gesi gouf, als Prioritéit, an net d’Education vum Kand. Dat ass eng Saach - an eisen Aen op jidde Fall -, déi primordial den Elteren zoukënn.

De Statut: Do gouf et eng Rei Diskussiounen. De Statut ass hei och esou, datt déi Leit, déi wëllen déi Funktioun ausüben vun den Dageselteren, mussen independant sinn. A mir wieren awer op gewiescht fir eng Diskussioun, wou een och ka soen, de Statut vum Salarié à domicile wier eng Méiglechkeet. Dat ass, mengen ech, vun der Chambre des Salariés evoquéiert ginn, och, mengen ech, vum Comité du travail féminin. An et wier sécher eng Méiglechkeet, fir Leit ze beschäftegen, sënnvoll ze beschäftegen. An d’Fro, ob dat ëmmer muss a Form vun engem Independant sinn, ass gestallt.

Visite domiciliaire: Déi Leit, déi kënnen do heemgoen bei déi Dageselteren, fir dat kucken ze goen. Dat si gläich dräi Kategoriën vu Beamten aus dem Unterrechtsministère, der Education nationale. Dat sinn d’Kategorien A1, A2 a B1. Dat fanne mir an der Rei deen Abléck, wou dat Prestataires du chèque-service sinn, well wou de Stat Suen engagéiert, do kann en och seng Konditiounen stellen a kann och kontrolléieren, ob do d’Konditiounen erfëllt sinn.

Et ass awer eng Fro, wéi wäit de Stat sech Rechter arrogéiert, fir bei Leit heemzuegoen, wann dat net onbedéngt de Fall ass. Mir hunn och souwisoen an der ganzer Logik vun dëser Regierung där Visite-domiciliaire ëmmer méi an e bësse vill. Mir hu se am Ministère de l’Environnement bei de Baueren, wou Dag an Nuecht kënne Leit schellen a kucke goen. Mir hu se elo hei bei den Dageselteren. Mir hu se an de Crèchè mat den Inspecteurs régionaux oder den Agents régionaux.

Déi Iddi, fir ëmmer erëm do Kontrollen auszeüben, déi ass och am Widdersproch zu anere Rechter am Stat: Schutz vun Eigentum, Schutz vun der Privatsphäre, Schutz vum Domicile. A mir mussen kucken, datt de Stat net ufänkt, do Reflexer ze kréien, déi déi Rechter

systematesch aushiewelen, déi awer zu de Grundrechter vun eise Stat gehéieren.

An da wat d’Sproochen ugeet, do mengen ech, wonnert et lech elo net, wann d’ADR benonnesch insistéiert. Mir stelle fest, datt am Artikel 2 vun dësem Gesetz eng Exigence ass, déi Exigence, datt d’Dageseltere sollen déi sproochlech Fakultéiten vun de Kanner ënnerstëtzen. Awer wat sinn d’Konditiounen, d’sproochlech Konditiounen, déi d’Dageseltere selwer erfëllen?

Beim Agreement geet eng Sprooch um A2 duer. Et huet mech och verwonnert, datt d’CSV domadder d’accord ass. Dat ass vun der CSV begrësst ginn, datt een eng Sprooch vun eisen dräi Verwaltungssproochen um Niveau A2 muss beherrschen, fir dat kënnen ze maachen. Net onbedéngt Lëtzebuergesch. Net onbedéngt Lëtzebuergesch! An dat geet duer fir den Agreement. An A2 ass keen héijsten Niveau. Et ass net, datt A1 deen héchsten Niveau wier. Nee, C2 ass den héchsten Niveau. Also mir schwätzen hei iwwert deen zweetniddregsten Niveau iwwerhaapt.

Wann ee wëllt Prestataire du chèque-service sinn, da muss et an zwou Sproochen den Niveau A2 sinn, awer och net Lëtzebuergesch. Dat heescht, souguer do, wou de Stat Steiergelder asetzt, wou also dat primordial ass - och an eiser Logik, déi dann an dëser Hisiicht méi liberal ass -, fir ze kontrolléieren a Konditiounen virzuschreiwen, och do bréngt de Lëtzebuergesch Stat et fäerdeg, op Lëtzebuergesch ze verzichten; deeselwecht Regierung, déi eis hei 40 Punkte fir d’Lëtzeburger Sprooch virstellt viru Kuerzem an engem groussen nationale Plang fir d’Lëtzeburger Sprooch!

An hei, wou et drëm geet, Integratioun iwwert d’Lëtzeburger Sprooch ze fërderen an iwwerhaapt d’Lëtzeburger Sprooch ze promovéieren an oprechtzëerhalen, do wou et also ëm d’politesch Kredibilitéit vun dëser Regierung an der Sproochepolitik geet, do verseet se direkt, well se huet iwwerhaapt keng Fuerderung hei, wat d’Lëtzeburger Sprooch ugeet. Dat ass fir eis net akzeptabel!

A wann een eng provisoersch Autorisatioun wëllt, fir als Dageselteren ze schaffen, eng provisoersch, déi nëmme fir dräi Joer gutt ass, da brauch ee keng vun eisen dräi Sproochen op kengem Niveau ze kënnen. Dat ass eigentlech déi Sproochepolitik vun dëser Regierung an et ass einfach eng Enttäuschung! Et ass eng Enttäuschung fir all déi Leit, souguer vun Ären eegene politesche Parteien, déi dru gegleeft hunn, datt dës Regierung da wëlt e Geste fir d’Lëtzebuergesch maachen no all deenen Diskussiounen a Petitiounen, déi mer hei haten. Dir maacht a Wierklechkeet guer näischt!

An aus all deene Grënn, déi mir lech elo gesot hunn: éischens, de Soutien fir déi traditionell Famill, déi hir Kanner wëllt selwer erzéien, zweetens, de Stat soll sech op dat beschränken, wou en e Recht huet anzegräifen an net alles wëlle regléieren an dëser Gesellschaft, an drëtens, mir huelen et eescht mat der Lëtzeburger Sprooch an Dir net, aus all deene Grënn wäerte mir dës Gesetz och net stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Kartheiser. Als leschte Riedner hunn ech ageschriwwen den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d’Wuert.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Madamm Presidentin. Jo, dësse Projet de loi huet eng Partie Avantagen, déi och opgeziet goufen, am Kader vun der Harmoniséierung vu Qualifikatiounen a Regeln.

Mir stellen awer fest, dat ass e puermol gesot ginn an dat steet och am Exposé des motifs, datt eng regelrecht Explosioun stattfënnt, wat d’Demande ugeet och vun Dageselteren. An dat huet verschidden Ursachen. Hei gouf e puermol gesot, net zu Onrecht, datt d’Dageselteren en anere Service ubidden wéi eng Crèche, an et soll een dat net matenee vermëschen, dat ass richtig, well och d’Dageseltere méi flexibel kënnen handeln, well och owes Dageseltere sech kënnen ëm Kanner bekëmmern, och nuets deemno wéi, also datt se aner Servicer kënnen ubidden zum Deel.

Et dierf een awer net vergiessen, datt dat reng Theorie ass, well ganz oft d’Realitéit esou ass, datt a Wierklechkeet vill Eltere bei Dageselteren ginn, well se einfach keng Plaz fannen an enger Crèche, datt et u sech en Zousaz ass an u sech net onbedéngt d’Lösung, d’Ideallösung ass fir d’Elteren. Dat ass eng Realitéit. An dat erkläert och deelweis, mengen ech, déi grouss Explosioun. Also, ech kenne perséinlech selwer Fäll, déi an deem Fall waren, datt se am léifsten an eng Crèche gaange wären, dunn hu se missen dorobber zrëckgräifen.

Et muss een awer och duerno soen, dat ass och en Aspekt an deen ass och scho genannt ginn,

et ass eng Aktivitéit, déi awer ganz dacks och vu Fraen ausgeübt gëtt - ech weess net, ob et spezifesch Zuele ginn, mä op jidde Fall kann een dovunner ausgoen -, déi och relativ prekär sinn (veuillez lire: déi och an enger relativ prekärer Situatioun sinn) an déi déi Aktivitéit och kënnen deelweis als eng Aart „bouée de sauvetage“ gesinn, fir eng ekonomesch Aktivitéit kënnen ze hunn, zu engem Tarif, deen awer weiderhin immens niddreg bleift.

An an deem Zesammenhang muss ee sech jo och d’Fro stellen, genausou wéi d’Chambre des Salariés dat gemaach huet, genausou wéi och de Comité du travail féminin dat gemaach huet, datt elo duerch dat heite Gesetz u sech déi Persounen, déi déi Aktivitéit ausüben, dat als Independant mussen ausüben. A si mussen awer trotzdem e gewëssenen Invest virgesinn, obwuel se engersäits dann awer - meeschtens muss een dovunner ausgoen - an enger prekärer Situatioun sinn. D’Elteren, déi hir Kanner dohinnerschécken, si meeschtens och an enger prekärer Situatioun. U sech kënnen mer schwätzen iwwer esou eng Aart Logik vun der Prekaritéit, wou deen een deen anere brauch a wou een a Wierklechkeet eng aner Realitéit kéint schafen. Mä soit! Soit dit en passant.

Datt awer héich Kritäre gesat gi bei den Dageselteren, fir datt se Kanner kënne betreiwen, dat ass jo natierlech richtig. Et ass jo keen hei am Sall, dee seet: „Mir wëllen, datt d’Kanner schlecht behandelt ginn.“ Dorës geet et jo net. Mä wann ee wëllt, datt d’Kanner richtig a gutt behandelt ginn, da muss een och derfir suergen, datt d’Konditiounen geschafe ginn, fir datt dat respektéiert gëtt.

An ech ka mer net richtig virstellen, wéi gewësse Leit, déi wierklech dat als Independant solle maachen an déi quasi, an dat gouf och - zu Recht! - vun der Madamm Hetto-Gaasch gesot, an eng Aart Konkurrenz gesat gi mat anere Crèchen, déi iwwer aner Mëttele verfügen..., oder och am Privaten, muss ee weiderhi soen, datt do awer och nach ëmmer vill Schmu geschitt. Mä bon, dat geschitt, wann een net onbedéngt wëllt ëffentlech virgoen, dat ass eng aner Saach. Mä déi Leit gi weiderhin a Konkurrenz gesat mat anere Crèchen, déi iwwer aner Mëttele verfügen.

An et ass richtig ze soen, datt, wann een iwwer Compétences égales ou quasi égales an Investissements égaux ou quasi égaux schwätzt, een och misst schwätze vun engem Statut égal a Salaire égal ou quasi égal. Dat ass eng Realitéit, well mir sinn amgaangen, hei an eng Prekaritéitsspiral eranzegeroden. Dat heite Gesetz schafft et net of. Et muss ee richtig investéieren, wann een derfir wëllt suergen, datt d’Kanner gutt behandelt ginn.

Ech hat et schonn eng Kéier hei op dëser Tribün gesot: Mir hunn e Problem domadder prinzipiell - an dat hat jo och deemools déi Politik vun de Chèque-service provoziert -, datt privat Crèchè wéi Champignons aus dem Buedem erauskomm sinn, well vill Leit verstanen hunn, datt se domadder kéinten e Business maachen an datt duerno d’Chèque-servicen, also de Contribuable, dofir opkommen.

Firwat geet een net einfach dohinner, amplatz datt een déi Suen einfach a schwéier kontrolléierbar privat Crèchen investéiert, datt ee selwer direkt ëffentlech investéiert, an zwar massiv, net nëmmen e bëssen hei an do, mä massiv?

Mir sinn eent vun de rächste Länner op der Welt an et mierkt een nach ëmmer, datt et schwéier ass fir d’Leit, fir iwwerhaapt an enger ëffentlecher Crèche hir Kanner kënnen ënnerzebréngen, an enger ëffentlecher Crèche, déi gutt funktionéiert, déi och besser kontrolléierbar ass an déi och deene Leit, déi do schafen, besser Aarbechtskonditiounen an och besser Paie ka ginn.

Well Dir hutt a private Crèchen awer och déi ganz komesch Praxis op gewëssene Plazen - ech wëll dat net generaliséieren -, datt no der Proufzäit einfach esou en Tourniquet geschitt. An dat si meeschtens jonk Fraen, jonk Educatrices an esou weider, déi da sech ofwiesselen an dann och mussen folgen, fir deemno wéi Saache mussen ze maachen, déi net onbedéngt eng Educatrice misst maachen.

Ech mengen, wann de Wëllen do ass, datt d’Kannerbetreuung net zu engem Business soll verkommen, wat et jo schonn zum Deel ass, a mir sinn der Meenung, datt Kannerbetreuung kee Business soll sinn, genausou wéi Education kee Business soll sinn - dat soll kee Business sinn! -, da muss do d’Iwwerhand vun der ëffentlecher Hand zielen an alle Forme vu Kannerbetreuung, déi manner flexibel oder méi flexibel sinn. Mir sinn der Meenung, datt een dee Service muss ubidden.

Dofir si mer der Meenung, datt weiderhi mat dësem Gesetzesprojet, quitte datt en e puer Avantagen huet an datt mer eis jo net kënnen





verschlëssen, wann e puer Avantagë gemaach ginn am Kader vun der Harmoniséierung vu Regelen a vu Qualitéitskritären... Mir wëllen eis deem net verschlëssen, mä mir soen awer ganz kloer, datt et op kee Fall an all deenen anere Beräicher wäert eng Léisung sinn. Dofir wäerte mer eis enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Wagner. Ech hunn elo kee Riedner méi ageschriwwen. Ech géif dann der Regierung d'Wuert ginn an ech géif den Här Unterrechts-, Educations- a Kandheetsminister dann hei eropbieden.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Oh, wéi schéin hutt Der dat gesot! Här Kandheetsminister, Dir hutt d'Wuert.

(**Hilarité**)

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Jo, et gëtt der, déi kënne ëmmer Kand sinn! Op d'mannst fir fënnf Joer, op d'mannst fir fënnf Joer!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech vläicht fir d'Éischt eng Remarque maachen zur ADR, zum Här Kartheiser, dee sech gewonnen huet, datt grad e liberale Minister e Beruff wéi dee vun den Dageseltere géif reglementéieren!

Ech ka soen, datt ech do an der absolutter Kontinuitéit mat mir selwer sinn. Ech hunn 2005 als Deputéierten hei an deem Haus am Numm vu menger Fraktioun, vun der DP-Fraktioun, eng Proposition de loi gemaach, fir am Secteur vun den Dageselteren, deen dee Moment nach guer net reglementéiert war - dat Gesetz ass jo eréischt 2007 komm -, zu enger Reglementatioun ze kommen.

2005, Här Kartheiser, waart Dir nach Member an där Partei, fir déi ech hei déi Proposition de loi gemaach hunn.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ah! Ech hat recht, menger Wee ze goen!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Dir kënnt lech also absolutt wuelspiere, wou Der elo sidd, datt Der net méi do sidd, wou Der waart. Dir kënnt also absolutt Äre Choix doran-ner confirméiert spiieren, datt mir nach ëmmer dat maachen, wat mer och dee Moment scho wollten, well mer d'Realitéit gesinn hunn,...

(**Hilarité**)

...wéi se awer ass bei enger ganzer Rei Betreierungsstrukturen, oder net de Strukturen, mä virun allem an deem, wat an engem däischtere Secteur ass, deen net reglementéiert war, wou Kanner awer oft zu ganz vill beieneen a schlechte Konditiounen, wéi de Georges Engel et hei geschildert huet, encadréiert waren. An et kann een emol net vun Encadrement do schwätzen, soudatt mer dat awer hu missen encadréieren an och a Richtung vun enger Qualitéitsentwicklung bréngen. An duerfir gi mer elo nach eng Kéier e Schrëtt weider hei.

An et wonnert mech och e bëssen, datt dat Gesetz hei net matgedroe gëtt vun der CSV, well et war ëmmerhin de 7. März 2012, wou dat vun der deemoleger Familljeministescher, der Madamm Jacobs, abruucht ginn ass an d'Chamber. Et ass deposéiert ginn nach deemools ënnert der Regie vun der CSV.

(**Interruption**)

An haut soll dat dann awer e Gesetz sinn, wat dee ganze Secteur vun den Dageseltere géif füttimaachen. Also, do kann ech awer och keng ganz grouss Kohärenz dra gesinn.

Mä wat wichteg ass, dat ass...

(**Interruption**)

Wat wichteg ass, dat ass, datt mer eis an enger Rei vun Aspekter eens sinn, dat ass, datt

d'Dageselteren eng wichteg Aufgab hunn, datt et - elo och zënterdeem virun allem, wou hir Aktivitéit encadréiert ass an elo nach eng Kéier méi staark a Richtung vun enger qualitativer Betreierung sech wäert weiterentwickelen - wierklech eng Alternativ zu enger Crèche ass. Wann Elteren, wann och Kanner sech besser spiieren an enger méi klenger Struktur, wou manner Personal ass, manner ënnerschiddlecht Personal ass, manner Gedäisch vläicht duerch ganz vill aner Kanner och ass, wou d'Kanner sech da vläicht och éischter besser awinnen, dann ass dat sécherlech eng ganz, ganz wichteg Alternativ.

Op där anerer Säit, denken ech, ass et awer och normal, an dat ass den Usproch vun dësem Gesetz, datt mer déi qualitativ Betreierung vun de Kanner, déi mer eis jo mam Gesetz vun 2016 ginn hunn an de Crèchen, an de Maison-relais an och an de Jugendhaiser, datt mer déi och iwwersetzen un d'Dageselteren, soss hätte mer näamlech herno e Secteur mat zwou Vitessen, wou déi Kanner, déi an enger Crèche an an enger Maison relais sinn, qualitativ aneschtens encadréiert wäre wéi eben déi bei den Dageselteren. An dat wollt ebe keen. Dat wollt och dee Moment d'Regierung 2012 net. An duerfir huet se dëse Gesetzesprojet mat op de Wee bruecht.

Ech wëll direkt nach eng Kéier soen, et ass net gefrot ginn, mä ech wëll awer ënnersträichen, datt déi 700 Dageselteren, déi haut en Agreement hunn, e behalen, och wa se haut nach net an der Situatioun sinn, fir all déi Konditiounen haut hei ze erfëllen, fir den Agreement ze kréien. Well mir gesinn och, datt do awer en Emploi dohannertsteet, well mer och gesinn, datt do Leit sech dorobber verlooss hunn an datt se eben och hir Zukunft drop opgebaut hunn, a well net all déi Konditiounen, déi elo verschäerft goufen, fir den Agreement an Zukunft ze kréien, eppes sinn, wou ee sech einfach ganz schnell ka konform setzen.

Wann et ëm Sproochekonditiounen zum Beispill geet, wou bis elo - Här Kartheiser! - net eng eenzeg Konditioun gegollt huet a mer elo iwwerhaupt emol Konditiounen setzen, fir den Agreement ze kréien respektiv fir den Accès zum Chèque-service ze kréien, dann ass dat jo och näscht, wat ee vun haut op muer aus dem Aarm ka rëselen. An duerfir soe mer, datt mer déi Leit weider an deem Secteur wëllen erhalen, déi bis elo eigentlech och eng zefriddestellend Aarbecht do gemaach hunn.

Firwat datt Dageselteren net vun der Gratuitéit wéi d'Crèche kënne profitéieren, nun, dat hu mer och an der Kommissioun erkläert gehat: Well se net à même sinn als Eemann- oder Engfrabetrieb, all déi Konditiounen ze erfëllen, déi d'Crèche mussen erfëllen, fir d'Gratuitéit dann och kënne unzebidden, näamlech déi méisproocheg Fërderung, well dat ebe mat enger Persoun net geet. An duerfir hu mer gesot: „Da kënne mer natierlech och net op där anerer Säit d'Gratuitéit ubidden“, well mer d'Gratuitéit jo net maachen, fir engem en Advantage ze ginn als Prestataire, well mer d'Gratuitéit net agefouert hunn, net nëmmen agefouert hunn op jidde Fall, fir d'Elteren ze entlaaschten, mä well mer soen: „Et ass eng Virstuf vun der ëffentlecher Schoul, an als solch soll se gratis si wéi d'ëffentlech Schoul.“

A wann awer net kënne déi Konditiounen erfëllt ginn, déi mer an der Crèche fuerderen, dann denke mer, ass och keng Berechtigung do, fir déi Stonnen do gratis unzebidden. Mir gesinn awer...

Här President, ech hunn d'Impressioun, d'Madamm Hetto wëllt mer eppes soen oder vläicht eng Fro stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, dat ass genee dat, wat ech wollt soen. Madamm Hetto, wann de Minister erlaabt...

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Natierlech!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Jo, Merci fir d'Wuert. Här Minister, ech ginn lech e

ganz einfacht Beispill. Ech si vu Formatioun Éducatrice graduée, ech schwätze Franséisch a Lëtzebuergesch.

Da sot mir: Wisou kann ech net zum Beispill als Dagesmamm, wann ech wëllt Kanner doheem betreien, déiselwecht Konditiounen kréie wéi Crèchen, wou Der sot, déi zwanzeg Stonne Chèque-service accueil wiere gratis? Well ech kann och mat de Kanner e Liddchen op Franséisch sängen. An ech kann och bei enger Dëchsituatioun mat de Kanner op Franséisch schwätzen. Dat kann ech och eleng maachen. Dat ass och dat, wat an de Pilotprojete gemaach gëtt, wat Dir de Leit mat op de Wee gitt, wat ee ka maachen an de Crèchen, fir „plurilingual“ fréi ze fërderen. Wisou kann ech dat mat menger Kompetenz net maachen?

Ech soe jo net, datt jiddwereen et muss kënne maachen. Mä déi Leit, déi déiselwecht Kompetenzen hu wéi an de Crèchen, déi mussen dat och kënne maachen!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Et ass jo net nëmmen, datt fir d'Gratuitéit d'Sproochekompetenz virausgesat ass. Mä eppes ënnerscheet eis hei nach ëmmer fundamental...

(**Interruption**)

Neen, et gëtt jo ganz aner Konditiounen, déi och nach dorunner gebonne sinn. Elo kënne mer déi Diskussioun do laang féieren. Mä eppes ënnerscheet eis hei: Mir kommen ewech vun enger Qualitéitssicherung, wou mer just de Raum kucken an d'Qualifikatioun vum Personal. Mir ginn hin, mam Gesetz vun 2016 an och nach eng Kéier mat dësem Gesetz, op eng Prozessqualitéit, wou et wierklech de ganzen Encadrement vum Kand ass, deen zielt an dee gekuckt gëtt an deen och kontrolléiert gëtt.

An duerfir ass et eben esou, datt een net nëmme ka soen: „Ech hunn deen Diplom“ - an déi Allermeescht hunn deen Diplom jo och net, dat wësst Der jo och! - „an ech kann déi Sproochen, also muss ech och dozou en Accès kréien.“ Et kënnt drop un, wat an der Struktur oder wat dann och bei den Dageseltere mat de Kanner geschitt. An dat ass dee ganz groussen Ennerscheed, an dat ënnerscheet eis leider nach ëmmer fundamental, obschonn, wéi gesot, deen Ennerscheed och do am Gesetzesprojet 2012 scho gemaach gouf vun Ärer Partei.

Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer wuel eng Daseinsberechtigung nach ëmmer fir d'Dageseltere gesinn, datt mer och, jo, honoréiere wëllen, datt ganz vill Dageseltere méi Flexibilitéit kënne bidde wéi eng gréisser Struktur, wéi eng Crèche oder eng Maison relais, an datt mer duerfir och d'Tariffer eropgesat hunn, wa se ausserhalb vun de gewéinlechen Éffnungszäite vun de Crèche leien, de Weekend oder owes oder ganz fréi moies oder eben och nuets, well och do gëtt et e Besoin vu Kannerbetreierung, datt mer dat méi staark honoréieren, well et ebe grad oft just Dageseltere sinn, déi dee Moment kënne eng valabel Offer schafen.

Ech wëll nach eng Kéier op déi nei Struktur ze schwätze kommen, näamlech déi vun de Mini-crèchen, déi mer amgaange sinn ze konzipéieren, well mer och do eng Alternativ dra gesi fir déi eng oder déi aner Dageselteren.

Grad dat Beispill, wat d'Madamm Hetto genannt huet, eng Éducatrice oder souguer Dageselteren, déi net en edukativen Diplom hunn, kënne sech associéiere mat engem aneren Akteur, deen en Diplom huet, fir zesummen eng Minicrèche opzemaachen. Doduerjer erlabe mer et hinnen, sech an enger Struktur erëmfannen an déi kritesch Mass och ze hunn an déi Ressourcen ze hunn, fir all déi Konditiounen ze erfëllen, - d'Meisproochegkeet, d'Abannen an aner Strukturen, d'Materanhuelen och vun den Elteren -, déi mer fir d'Gratuitéit ebe viraussetzen.

An dat ass och eng Perspektiv, déi mer den Dageseltere kënne ubidden, déi en Educateursdiplom hunn, awer och deenen, déi keen

Educateursdiplom hunn, déi sech mat engem aneren associéieren, fir esou eng Minicrèche kënne op d'Been ze setzen. Et ass eng nei Struktur, déi mer iwwer Règlement grand-ducal wäerte regelen, an ech wäert an den nächste Wochen dee Règlement grand-ducal dem Ministerrot virleeën.

Et ass awer eng Struktur, wou mer net nei Konditiounen wäerten definéieren, mä wou mer eis op déi besteeënd Konditiounen wäerte weider baséieren, déi fir d'Crèche respektiv och fir d'Dageseltere wäerte gëllen, mä wou mer eng Ouverture dann och doduerjer zur Gratuitéit hi maachen, mä wou mer nach eng Kéier, denken ech, en Advantage bidden, well do, an där doter Struktur d'Qualitéitsentwicklung nach eng Kéier e Stéck wäit méi einfach gëtt, virun allem wa mer och vu méisproocheger Frëifërderung schwätzen, déi do ganz einfach méiglech ass. An op där anerer Säit bitt et jo och déi Avantagen, déi hei vun alle Bänke genannt goufen, näamlech datt et eng kleng Struktur ass, datt et vläicht fir dat eent oder anert Kand wëschenswäert ass, sech an deene Strukturen erëmze-fannen.

Och scho fir déi Propos, déi, denken ech, och an der Kommissioun éischter breet ënnerstëtzt ginn ass, wëll ech e grouss Merci soen, grad esou wéi deene Fraktiounen, déi sech dann hei mat engem Jo kënne zu dësem Gesetzesprojet zefridde ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Minister. Mir sinn domat prett, fir zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6409 iwwerzegoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6409 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänt an. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwuer.

32-mol Jo, 3-mol Neen a 25 Abstentiounen, domat ass de Projet 6409 ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.


Ass d'Chamber och bereet an dësem Fall, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir wären domat um Enn vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten ukomm. Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer. Ech soen lech Merci an e schéinen Owend nach.

(**Fin de la séance publique à 17.13 heures**)



## Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

